



Rapport Referees' Commission - 07.07.2020

Uwiesend : Frieseisen, Geib, Keiffer F., Weinzierl, Nesser, Simonelli, Weber, Courtois

Entschëllegt : Pascalicchio, Frieden

1) **Adoptioun vum Rapport Referees' Commission vum 02.06.2020.**

2) **Reegel- a Laftester**

De 4. Juli waren d'Laf a Reegeltester fir den Ufank vun der Saison. Am allgemenge sinn d'Tester gutt ausgefall.

Fir déi wou nach net gelaf si gëtt eng 2. Sessioun den 28.8.2020 organiséiert.

Fir déi wou de Reegeltest net grad esou gutt war, ass e Repêchâge den 29.8.2020 um 09h00 zu Mondorf um Stage vun den Arbitter programméiert.

3) **Fiche signalétique an Dispositioun vun den Arbitter**

D'Refcom huet an de lëschte Joren oft missen den Arbitter nolafe fir déi néideg Informatiounen ze kréien. Aus dem Grond ass decidéiert ginn, dass :

Héchstens nach 1 Rappel erausgeschéckt gëtt.

Een Arbitter de keng fiche signalétique zrückschéckt, gëtt vun der Lëscht gestrach.

Een Arbitter de keng fiche de disposition eraschéckt, gëtt net agesat.

4) **Kader AXA-League**

D'Refcom bestätegt déi 7 Arbitter Koppelle fir d'AXA League Hären. Dobäi kommen dann nach 5 Koppelen aus dem Perspektivkader, déi jee no Leeschtung da confirméiert ginn oder net.

An der AXA-League Dame kommen 2 Koppelen dobäi, mee et fällt och eng Koppel ewech.

5) **Arbitrage U15**

D'Refcom ass schonns e puer Mol gefrot ginn, fir och d'Matcher vun der U15 mat ze besetze – keng JA. Hei gëtt Decisioun geholl, soubal de ganze Spillprogramm bekannt ass.

6) **Formatioun**

Déi all Benennungen A-B-C- Schäi bei den Arbitter sinn duerch «inférieur» an «supérieur» ersat ginn. Fir awer weider 3 verschidde Stufe vun Arbitterformatioun kënnen unzebidden, proposéiert d'Refcom dem ENEPS fir d'Formatioun JA offiziell als 1. Schrëtt zum Arbitterschäin ze integréieren.

D'Präparatioune vum Cours supérieur lafen. De Cours geet am Dezember 2020 un.

De Stage « Preparatioun Saison » fir d'Arbitter ass den 29. an 30. August 2020 zu Mondorf. Dëst Joer kann aus bekannte Grënn leider keen IHF/EHF Lekturer ob Lëtzebuerg kommen.

7) **Austausch**

• **RPS :**

Eng Formatioun, zu Lëtzebuerg, mat de Kolleegen aus der RPS ass um Programm fir des Saison. Des Saison ginn och Dame Matcher wéi Arbitter-Damen an den Austausch agebaut.

• **WHV :**

Dësen Austausch ass schonns an der Organisatioun. Eng Koppel ÖHB-Bundesschiedsrichter huet schonns zougesot. Sie wäerten eisem « Cours supérieur » och hier Erfarunge matdeelen.



- **Arbitter mat auslänneschem Schäin :**
*D'Refcom huet e puer Demande vun Arbitter mat auslänneschem « Schäin » kritt. D'Refcom verweist hei un den Artikel 21 vum Code du Handball:
« Chaque arbitre désirant arbitrer un match officiel au Luxembourg doit par ailleurs s'affilier à la FLH ou à un club affilié à la FLH.
Les diplômes étrangers doivent être validés auprès de l'ENEPS.»
Fir bei der FLH Arbitter ze ginn, muss déi Persoun eng Lizenz/Pass bei der FLH wéi och de Médico maachen.
Den Arbitter gëtt op verschidde Matcher – jee no sengem Diplome respektiv Divisioun wou e gepaff huet – agesat a beobacht. Ob Basis vun de Beobachtunge gëtt dann eng Decisioun geholl, wou den Arbitter anzestufen ass.
Arbitter ouni Diplome, oder déi, déi nëmmen ënnescht Jugenddivisiounen gepaff hunn, mussen de ganze Cours matmaachen.*
- 8) **Referees' Performance Reports**
*Wéinst dem extreme Mangel un Interessi vun de meeschte Clibb, gesäit d'Refcom sech gezwongen d'Referees' Performance Reports vun de Clibb anzestellen.
Déi Rapporte sinn ab der Saison 2020/2021 net méi verlaangt.
All Arbitter an der AXA muss awer weiderhin seng perséinlech Beobachtung eraginn.*
- 9) **Sauerlandcup**
D'Refcom begréisst d'Iddi fir eng weiblech an eng männlech jonk Arbitterkoppel mat op de Sauerland-Cup ze schécken.
- 10) **Vestiaire Bonnevoie**
Speziell op d'Hisiicht AXA-League Hären, a wëll nach keng Äntwert virläit, freet d'Refcom fir hei nach eng Kéier nozefroen.
- 11) **Amicale des Arbitres**
Den Georges Frieden ass am Kontakt mam Gast Goergen fir ze kucken wéi di Entente erëm aktivéiert ka ginn.

Nächst RefCom : Dënschden den 1. September 2020 um 18h15.